

# AUGUST 2018 N° 49



# FËSCHBER GEMENGEBLAT

**Layout:** Ren Spautz

**Redaktioun:** Dany Hermes,Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich, Marianne Brosius, Marie-Louise Haas, Lis Weber

**Mataarbechter:** Viviane Thill, Olivier Molitor, Luss Brosius, Roger Kolber, Laurence Anciaux, Annick Van der Schilden, Romain Beckers, Fränk Daems, Tania Brosius, Ralph Hermes, Dan Hottua, Fairtradegrupp-Fëschbech, CIS-Fëschbech.

**Drock:**
Print Service Mechtel, Luxembourg

**Seite 1:** Hecke planzen mam Grand-Duc Jean
**Seite 2:** Virwuert
**Seite 3:** Virwuert
**Seite 4:** Konferenz Borreliose
**Seite 5:** Patrimoine an eiser Gemeng
**Seite 6:** 1. Meefeier
**Seite 7:** Sprangprëssessioun
**Seite 8:** Dagesausfluch Senioren
**Seite 9:** Haxenowend Senioren
**Seite 10:** Jugendpompjeeën
**Seite 11:** Coupe Scolaire
**Seite 12:** Hobbysäit
**Seite 13:** Hobbysäit
**Seite 14:** Olivier Molitor
**Seite 15:** Olivier Molitor
**Seie 16:** Kéidenger Brill
**Seit 17:** Kéidenger Brill
**Seite 18:** Gebuertsdag Madame Patat
**Seite 19:** Trëppeltour Theaterveräin
**Seite 20:** Nationalfeierdag
**Seite 21:** Nationalfeierdag
**Seite 22:** Concert
**Seite 23:** Härläichenprëssessioun
**Seite 24:** Gemengerotssëtzung
**Seite 25:** Gemengerotssëtzung
**Seite 26:** Gemengerotssëtzung
**Seite 27:** Gemengerotssëtzung
**Seite 28:** 10 Joer Crèche
**Seite 29:** Faire Picknick
**Seite 30:** Aktivitéitskalenner
**Seite 31:** Aktivitéitskalenner
**Seite 32:** Chargy zu Angelsbierg
**Seite 33:** Chargy zu Angelsbierg
**Seite 34:** First Responder
**Seite 35:** Jugendpompjeeën
**Seite 36:** Eischt Kommioun

**Redaktiousschluss: 2. Dezember 2018**

## VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

mir si mattendran an der Summervakanz an ech hoffen Dir konnt bis elo och vun deem héichsummerleche Wieder profitéieren. Esou wéi dëst Joer gi mir jo net ëmmer vun der Sonn verwinnt. De Karschnatz konnt ënner ideale Konditiounen duerchgezu ginn, d'Uebstbeem hänken esou voll wéi et nëmme geet an och d'Wënzer erwaarden eng gutt Recolte. Dat wat eis awer dëse Summer definitiv feelt ass Waasser. D'Waasser, eng Ressource déi eis bestänneg beschäftegt a bei eis an der Gemeng zu eiser aller Freed ëmmer verfügbar ass wann um Krunn gedréint gëtt. Trotzdeem maachen ech op dëser Plaz gären den Appell un Iech, egal wéini a wou et nëmme geet Waasser ze spueren.

Problemer mat der Waasserversuergung kenne mir net, och wann et Ufank Juli zu enger bakteriologescher Verknaschtung an engem Deel vun eisem Reseau koum. Dës gouf direkt iwwert all Weeër un d'Bevëlkerung kommunizéiert a konnt relativ séier vun eisem technesche Service behuewe ginn. Am Moment ginn all Optioune gepréift fir an Zukunft méi heefeg Schnelltester ze maachen an doduerch beim Indice vun enger eventueller Verknaschtung am Reseau nach éischter a méi séier kënnen ze reagéieren. Dëst war och vun Ufank un eent vun den Zieler vum neie Schäfferot.

Fir beim Waasser ze bleiwen esou ass virgesinn dass de Projet vum interkommunale Waasserreseau mat den Nopeschgemenge Fiels a Noumer, deen och am Kader vun der Versuergungssécherheet an der Solidaritéit geplangt gouf, am September an d'Ausschreiwung goen soll.

Wann Dir dës Zeile liest, steiere mir lues awer sécher Richtung Rentrée scolaire. Fir eis Kanner an hir Elteren ëmmer erëm e wichtegen an opreegende Rendez-vous am Joer. Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wëll ech elo schon all eise Schoulkanner, hiren Elteren awer och dem Léierpersonal ee gudden an erfollegräiche Start an d'Schouljoer 2018/2019 wënschen.

Speziell wëlle mir awer de Schüler vum Cycle 4.2 2017/2018 aus eiser Gemeng d'Daumen drécken déi ab September an déi „grouss" Schoul, an de Lycée, ginn an der Angsber Schoul de Réck dréien. Dir loosst de Fondamental hannert Iech, eis Felicitatiounen! Fir Iech fänkt elo een neie Liewensofschnëtt un fir deen eise Schäffen- a Gemengerot Iech vill Erfolleg wënscht!

Och wann um Kalenner Grouss Vakanz ass a vill Leit eist Ländchen an der Zäit verloossen esou gëtt an der Gemeng wärend de Summerméint trotzdeem intensiv geschafft. An der Angsber Schoul zum Beispill gëtt momentan an de Säll vum Cycle 2 d'Isolatioun um Plafong erausgerappt an erneiert a verbessert. Donieft ginn am selwechte Gebai déi fréier Toilettë vum Cycle 1 eliminéiert. Am Plaz kënnt neie Sanitär, Jongen a Meedercher getrennt an deen an der Héicht un den Alter ugepasst gëtt.

Hannert der Angsber Schoul, am Plaz vun der aler Precoce/Cycle1 Spillplaz, ass aktuell een Terrain Multi-Sports an der Planung deen erlabe wäert all méiglech Ballsportaarten ze praktizéieren. Dësen Terrain wäert sécher bei de Schoulkanner awer och ausserhalb vun de Schoulzäite bei eiser Jugend an allen Sportbegeeschterte positiven Uklang fannen.

Ech wëll awer och vun dësem Virwuert profitéieren an drop hiweisen dass souwuel d'Spillplaz vun der Crèche „Am Kuebennascht" zu Schous wéi och d'Spillplaz vun der Maison Relais an dem Cycle 1 „Bei de Kueben" zu Angelsbierg wärend den Ëffnungszäite vu Crèche a Maison Relais exklusiv fir déi Kanner reservéiert sinn déi dee Moment do ageschriwwe sinn. Villmools Merci dass Dir dëst respektéiert a fir Äert Versteesdemech.

Alternativ Spillplaze ginn et dee Moment zu Angelsbierg bei der Kierch an zu Schous op der Spillplaz „Um Bur" grad wéi zu Fëschbech „Am Batz" an „Um Waeschbuer".

Een Thema wat eis Gemeng mëttlerweil schonn iwwert e Joer begleet ass de Wandpark Miersch, dee jo mat sech bréngt dass 4 Wandrieder no bei eise Gemengegrenzen um „Rollëngerbierg" geplangt sinn. De Mast fir d'Wandmiessungen deen am Mee dëst Joer opgeriicht gouf gëtt eis scho mol e klenge Virgeschmaach op déi 4 Wandrieder, déi ëmmerhin nach iwwer 30m méi héich wäerte sinn a wouvun déi éischt nach e puer honnert Meter méi no un d'Uertschaft Schous wäerte kommen.

Eise Gemengerot ass net géint alternativ Energien an huet sech trotzdeem am Januar majoritär (mat 7 géint 1 Stëmm) negativ zu dësem Wandpark ausgeschwat. Wat een sech méi intensiv mam Thema beschäftegt an der Wandkraaft op de Fong geet stellt ee scho bal fest wéi dee verherrlechte Schäin vun der Wandenergie relativ séier verblatzt an sech als een eenzege kommerzielle Business erausschielt.

Wann een d'Resultater an d'Erfarunge bei der Wandenergie an eisem Nopeschland Däitschland kuckt, da gesäit een, dat esouguer bei engem massiven Ausbau vun de Wandanlagen d'Ziler am Klimaschutz an an der Energieversuergung weder haut nach an Zukunft kënnen erreecht ginn, an dowéinst däerft et och net erlaabt sinn d'Gréngzone mat dësen Industrieanlagen ze verhonzen. De Landschaftsschutz gëtt vun der Politik momentan ignoréiert an den Naturschutz falsch interpretéiert.

Fakten an Dokumenter zur Wandenergie fann Dir och weiderhin um Internetsite vun der Gemeng Fëschbech.

De 14. Oktober dëst Joer si Chamberwahlen zu Lëtzebuerg an am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wënschen ech Iech léif Leit fir deen Dag elo schonn dee richtege Choix, awer bis dohinner vrun allem nach e schéine Summer, eng gutt Zäit an all Guddes.

Mat beschte Gréiss, Fränk Daems, Buergermeeschter



# Zeckenborreliose
## Eng nei Krankheet zu Lëtzebuerg

De Senioreveräin an d'Ëmweltkommissioun aus eiser Gemeng haten am Abrëll zesummen op eng Konferenz mam Dr. Georges Jacobs invitéiert. D' Thema war: Zeckenborreliose, eng nei Krankheet zu Lëtzebuerg.

Den Dr. Jacobs huet iwwert d'Krankheet, d'Diagnos, d'Behandlung an d'Präventioun referéiert. Mat iwwer 1000 Fäll pro Joer ass et déi heefegst Infektiounskrankheet mat neurologesche Folgen an eisem Land.

Duerfir war et kee Wonner, datt vill Leit de Wee an d'Veräinshaus op der Héicht zu Schous fonnt haten, fir dem Dr. Jacobs notelauschteren. Säi Virtrag op wëssentschaftlescher Basis an awer och op senger perséinlescher Erfahrung mat der Infektioun war ganz interessant.

Den Dr. Jacobs huet op seng Gage fir dëst Referat verzicht, wuerfir de Senioreveräin en Don un d'Fondatioun „Kriibskrank Kanner" gemaach huet. Duerno huet d'Gemeng op de Patt invitéiert.

Text: Ren Spautz & Fotoen: Marc Kolber





# Gebaute Kulturgidder an eiser Gemeng

Nodeems de *Service des Sites et Monuments Nationaux* vu Februar bis Oktober 2017 en Inventaire vun allen alen a schützenswäert Gebaier a Monumenter an der Gemeng Fëschbech duerchgefouert huet, hate si zesumme mam Kulturministère an der Gemeng op en Informatiounsowend agelueden. Den 08/05/2018 hu sech deemno ganz vill intresséiert Leit "Op der Héicht" afonnt fir gewuer ze ginn wat fir eng Gebaier an eisen Dierfer extra wäertvoll sinn.

No der Begréissung duerch de Buergermeeschter Frank Daems an enger kuerzer Erklärung zum Inventar vum Staatssekretär Guy Arendt, hunn d'Damme Christina Meyer a Stéphanie Toussaint ofwiesselnd d'Methodik vum Inventar, d'Kritären an d'Objekter virgestallt.

D'Basis vun dësem Inventar ass den Urkadaster vun 1824 deen duerch verschidde Quellen aus den Nationalarchiven, der Nationalbibliothéik an/oder privaten Archive vervollstännegt ginn ass. An eiser Gemeng si 97 Gebaier a Monumenter, virun allem Weekräizer, analyséiert ginn. Dovu si 26 Gebaier a 50 Denkmaler als schützenswäert agestuuft ginn well se d'Kritären erfëlle vun Authentizitéit, Seelenheet, Industrie- an Handelsgeschicht, Sozialgechicht oder einfach well se Ortstypisch sinn.


Ganz intressant waren déi verschidde Photoe vun de Gebaier an Erklärungen zu de Nimm, Flouernimm oder och firwat sou ee Kräiz grad do steet an u wat et soll erënneren. Intressant och puer Zuelen. Sou sinn an der Zäit vun 1824 – 2017 zu Fëschbech 51% vun de Gebaier verschwonnen/ofgerappt ginn an 28% sinn erhale bliwwen, zu Aangelsbierg fënnt ee näischt méi vun 38% awer 31% sinn erhalen an zu Schous feelen 42% a 25% si nach do. Erstaunlech och de Fait dass Kéideng a Weyer fréier "richteg" Dierfer waren. Zu Kéideng sinn ¾ vun de Gebailechkeete fort, just 13% stinn nach. Weyer dogéint hat mol no bei 200 Awunner a besteet haut just nach aus 3 Häff!

No dem ganz flotte Virtrag huet d'Gemeng op den Éierewäin agelueden. Ganz ausféierlech Detailer zu dem ganzen Inventar fënnt een an engem Buch vum *Service des Sites et Monuments* dat een deen Owend konnt mathuelen awer och nach op der Gemeng zu Fëschbech kréie kann.

Text: Laurence Anciaux & Fotoen: Ren Spautz









Um éischte Mee hunn déi Schéisser Wiichtelcher hiren traditionelle Meekranz gemaach. Nodeems se e Kranz um Weier zu Fëschbech a beim Veräinshaus opgehaangen haten, gouf zesumme gegrillt a giess.

Am Nomëtte war dunn nach déi alljäerlech Generalversammlung wou 3 nei Memberen an de Comité opgeholl gi sinn an 1 Comitésmember seng Demissioun ginn huet! Den Aktivitéitsbericht war ganz interessant an d'Kees ass am positive Beräich.

Vill Aktivitéite stinn och 2018 um Programm, ënner anerem eng kleng Feier fir all Member fir 21 Joer Wiichtelcher.

Text & Foto: Luss Brosius

# Schéisser Wiichtelcher
## Éischt Meefeier



# Sprangprëssessioun

D'Kulturkommissioun aus der Gemeng Fëschbech hat all d'Awunner invitéiert mam Bus op d'Weltkulturierwen, d'Sprangprëssessioun ze fueren.

18 Leit hu vun der Geleeënheet profitéiert a si matgefuer. Et war e richtegt flott Erliefnes! A villäicht fueren d'nächst Joer méi Leit mat, wann d'Kanner da sollte Schoulfräi hunn!

Text & Fotoen: Luss Brosius






# Senioreveräin

## Dagesausfluch

De 17. Mee huet de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech säin traditionellen Dagesausfluch gemaach. Fir d'éischt hu mir de Matrassefabrikant Stoll zu Éilereng besicht. No den Erklärungen, wéi esou eng Matrass entsteet, huet eis d'Firma Stoll e Patt offréiert, och krute mir e klenge Maufel servéiert.

Eist Méttegiessen hu mir am Restaurant Bräiläffel erageholl.

Am Nométteg hu mir de Betrib vun eisem Member, der Famill Thein zu Giewel besicht.Mat hiren „Holstein"-Kéi hu si vill Präisser am In- an Ausland kritt. Ausser dem Bauerebetrib hu si am Joer 2016 d'Firma Gieweler Holzknacker an d'Firma Holzknacker Belgium gegrënnt. No der Besichtegung hu mir den Dessert servéiert kritt, d.h. Schampes, Kaffi, gutt Rubbarbstaart, a verschidde gutt Crèmen.

Vun hei aus nach eng Kéier e grousse Merci un d'Famill.

Text & Foto: Marie-Louise Haas







KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

# Senioreveräin
# Haxenowend

Den 22. Abrëll hat de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech op en „Haxeniessen“ invitéiert.

No der Bettseecheszalot, der Paella an d'lescht Joer, dem Spaghettisiessen, stoung dëst Joer een Haxeplat um Programm.

Ronn 100 Memberen a Frënn hu sech déi zwee Menüen (Haxen a Wiirchtercher, alles mat Speckgromperen a Sauermous) gutt schmaache gelooss. Duerno gouf et nach eng gutt Taass Kaffi an e Stéck Kuch.

Mir freeën eis iech fir dat nächst Joer erëm eppes Guddes ze servéieren.

Text & Foto: Marie-Louise Haas



D' Jugendpompjeeën aus der Gemeng Fëschbech waren op hire Joresausfluch an de Steinfort Adventure, e wierklech flotten a sécheren Héichseelgaart!

Nodeems se 2,5 Stonn geklotert ware, gouf et um Heemwee nach eng gutt Glace als Belounung! De Jongen a Meedercher huet et vill Spaass gemaach a si hu geléiert dass Ofsécherung an der Héicht wichteg ass!

Text a Fotoen: Luss Brosius



# D'Jugendpompjeeën
## am Héichseelgaart





# COUPE SCOLAIRE



















Hobbysäit

Nathalie Grotz vu Schous

# Rugby: net wéi der denkt!

Wéi mer gesot kruten, datt an der Gemeng Fëschbech eng jonk Fra géif wunnen, déi op internationalem Niveau Rugby spillt, du war d'Iwweraschung fir d'éischt emol grouss. A wann dir iech och elo wonnert, da kënne mer iech hei e bësse méi iwwert déi Persoun verzielen.



D'Nathalie Grotz begéine mer doheem zu Schous, an eng ganz léif Persoun mécht ons d'Dir vun hirem Haus op. Och wa mer hautzudags jo net méi an deenen ale Clichéen denke sollen, sou ass dach en éischte Gedanken: „Rugby a Fraen, passt dat dann zesummen?“ D'Nathalie kontert mat der Fro: „Wat ass dann e Meederchersport?“. Gutt Fro! Ech hu bis elo nach keng Äntwert drop fonnt.

Mee fänke mer mol vu vir un. Wéi d'Nathalie zu Iechternach am Lycée war, gouf am Sport als Optioun och Rugby offréiert. Aus Virwëtz huet et sech mat enger Frëndin ageschriwwen, mee du ass de Fonken awer nach net iwwer gesprongen. Eréischt wéi di Frëndin bis a Schottland op der Schoul war an eng Kéier heem koum a gemengt huet: „Nathalie solle mir zwee net emol hei zu Lëtzebuergr Rugby spille goen?“, du war et geschitt.

Säit gutt 7 Joer ass et elo bei dem Rugby Club „De Renert“ zu Walfer mat derbäi. D'Dammenéquipe spillt mat am belsche Championnat, wou se an der 2. Divisioun sinn. Training ass 2 Mol an der Woch a Matcher sinn 2 Mol de Mount.




„Et ass en zimlech anspruchsvolle Sport“, seet d'Nathalie. „Dat fänkt schon domat un, datt et zimlech vill Regele gëtt, wat een däerf maachen a wat net.“ A well et och verschidde Positiounen an enger Equipe gëtt, déi jiddereng aner Qualitéiten erfuerdert, ass och fir all Statur eppes derbäi. Hei e klengen Exkurs: jee no der Positioun wou e Spiller agesaat gëtt, heeschen se „avant“, „demi“ oder „arrière“. Op wat fir enger Positioun datt et dann am léiwste spillt, wollte mer wëssen. „Ech spillen am Fong geholl iwwerall, do wou den Trainer fënnt, datt ech soll spillen.“ Dat nennt een Flexibilitéit!



KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

„De Rugby ass e ganz faire Sport“, seet d'Nathalie, „oder hutt der schon eng Kéier gesinn, datt am Rugby en Arbiter zur Sau gemaach ginn ass?“. Datt et awer e Sport ass, deen näischt fir Mimosen ass, gëtt et dann awer zou. „Wien de Kierperkontakt scheit, ass natierlech falsch op der Plaz. Datt et och emol blo Plaze gëtt, gehéiert grad esu derzou wéi eng gelegentlech Prellung oder Verstauchung. Mee, a wat fir engem Sport gëtt et dat net?“. An dann: „Datt ee sech beim Rugby knaschteg mécht a voll Bulli ka sinn, brauch ee jo net extra ze erwänen, mee su laang wéi et Waasser a Seef gëtt, ass dat jo keng grouss Saach”.

Am Training geet et natierlech em Konditioun, wou et beim Lafen suwuel em Schnellegkeet wéi och em Ausdauer geet, kierperlech Stabiliéit an dann selbstverständlech em Technik a Spilltaktik.

„Wa mer e Match an der Belsch hunn a mir si mat dem Bus ënnerwee, dann ass et moies fir dohinn meeschtens zimlech roueg am Bus. Jidderee probéiert sech ze konzentréiren. Owes wa mer dann heem fueren, dann ass scho mol eng méi lass. An dat egal ob mer gewonnen hunn oder net”.

Ouni elo e laangen Virtrag iwwer Rugby ze maachen, sollt een awer wëssen, datt de Walfer Renert haaptsächlech de „Rugby à XV“ (Rugby à quinze) spillt. Mee da gëtt et och nach de 7er Rugby. Wéi den Numm et scho seet, sinn do nëmme 7 Spillerinne um Terrain. „Dat ass dann eng richteg intensiv Variant, well do geet et séier an et muss ee vill lafen.“ An dann, su ganz niewebäi: d'Nathalie spillt och an der lëtzebuerger Nationaléquipe.



Text: Frank Weyrich & Fotoe si vum Nathalie Grotz

# Grouss Planzaktioun an eiser Gemeng

vum Olivier Molitor

Och dëst Joer hu mir nees eng sëllechen Uebstbeem geplanzt. D'Bëschaarbechter hunn – wei all Joer - am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Ranner d'Beem net futti maache kënnen.

De 28. Mäerz hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Uebstbeem ze planzen. Moies wor et de Cycle 3.1 mam Manon Schmit deen zu Schous beim Marc Simon eng 20 Uebstbeem gesat hunn, dat nach bei beschtem Planzwieder. Mëttes huet dunn den Cycle 4.1 mam Edmond Haas eis bei déckem Reen tatkräfteg ënnerstëtzt fir um Schiltzbierg beim Carlo Sauber och nach 10 Uebstbeem ze planzen. Trotz dem naasse Wieder kann een op de Fotoen erkennen dat d'Kanner hire Spaass haten.

No der Aarbecht ass et nach als Stäerkung eppes ze drénke ginn, mat engem Stéck Kuch, an duerno hunn d'Kanner sech erëm op den Heemwee gemaach.

Och dëst Joer huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2018 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.















Donneschdes, den 29. Mäerz hu mer du bei nees méi schéinem Wieder bei der Fëschber Säitert eng nei Heck ugeplanzt. Déi besteet aus 2000 Waïssdarplanzen an ass an dräi Reie gesat ginn, op enger Längt vun 200 Meter.

De Cycle 3.2 mam Julie Neumann wor duerfir an d'Säitert komm fir sech där Sach unzehuelen. Eisen neie Buergermeeschter, de Fränk Daems, wor sech net ze Schued fir selwer eng Hand mat unzepaken.

Nodeems d'Kanner schonn eng ganz Rei Planze gesat haten, sinn si duerch de Besuch vun eisem Grand-Duc Jean geéiert ginn: wei de Grand-Duc Jean héieren hat, dass mir mat de Kanner do géifen eng Heck planzen, huet hien direkt zougesot fir eis besichen ze kommen. Hie war impressionnéiert mat wat fir enger Begeeschterung d'Kanner geschafft hunn, an him erzielt hu firwat iwwerhaapt esou eng Heck geplanzt gëtt. Do si Stéchwierder wéi Viggelnäschter, Kéisécker, Insekten, Wandschutz, Erosiounsschutz asw. gefall, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Du war de Moien och séier ëm, an no enger Stäerkung ass et nees zréck op Angelsbierg gaangen.







KlimaPakt

# Kéidenger Brill

Zanter engem gudde Joer gëtt net mi sou vill vun de Vëlospiste laanscht d'Wäiss Iernz geschwat. Desto méi gëtt se awer säit der offizieller Aweiung am Juli 2017 benotzt.

Et sinn net nëmmen d'Vëlosfuerer(innen)déi dovunner profitéieren, mee virun allem ganz vill Spadséiergänger(innen)a Leefer(innen). Elteren a Grousseltere begéint een do mat Kanner a Kutschen, op Dräirieder, Trottinetten a Vëlo'en. Di flaach Streck eegent sech och fir Rollstullfuerer, a méi wéi ee profitéiert se och dofir.

Dass de PC5 vu Kéideng an d'Supp a viru bis an d'Fiels esou e Succès huet, kennt net vun ongeféier.Duerch di vill Schlagzeilen, di d'Pist an der Konstruktiounsphase gemaach hat, ass se ville Leit an Erënnerung bliwwen. Op alle Fall sinn sech di aktuell Benotzer eens, dass se duerch eng herrlech Landschaft féiert.

Di Responsabel vun der *Administration de la Nature et des Forêts* stelle schonn elo e bedeitend Zouhuele vu verschiddene Planzen- a Vullenaarte fest. Di méi räich Biodiversitéit ass virun allem der Restauréierung vun de Fiichtwise laanscht d'Iernz ze verdanken. Duerch di gläichzäiteg Renaturéierung vun der Wäisser Iernz konnt en wierksamen Héichwaasserschutz fir d'Uertschaften Iernzen a Fiels erreecht ginn.

Een Zil vum Gesamtprojet, un deem bal 15 Joer geplangt a geschafft gouf, war d'Sensibiliséierung vun de Bierger(innen) fir de Kéidenger Brill als héichsensibel europäescht geschützten Naturgebidd. Och datt dierft mat deenen interesséierte Besicher erreecht gi sinn.

Et bleift ze hoffen, dass d'Vëlospist weidergefouert gëtt a Richtung Reisduerf a Jonglënster, fir esou un den nationale Velospistereseau Uschloss ze hunn.

Am Joer 2006 hunn di deemools zoustänneg Häre Ministere Lux a Boden dem Deputéierte Claude Adam op eng dësbezüglech *Question parlamentaire* geäntwert, dass dat séier soll virugoen. Affaire à suivre!

Text & Fotoen: Marianne Brosius











# Gisella Patat-Cargnelutti, 85 Joer

Den 28. Mee huet de Schäfferot aus der Gemeng Fëschbech, de Buergermeeschter Frank Daems mat senge Schäffe Patrick Grotz a Luss Brosius, der Madame Gisella Patat-Cargnelutti, fir hir 85 Joer gratuléiert.

D'Madame Patat ass den 20.Mee 1933 zu Gemona an Italien op d'Welt komm. Si ass mam Leonardo Patat bestuet ginn a si koumen 1962 op Lëtzebuerg, wou si fir d'éischt zu Miersch gewunnt hunn. Säit 1965 wunnen si zu Aangelsbierg, wou si en Haus kaaft hunn. Am Joer 1977 ass hire Mann vill ze fréi gestuerwen.

Aus dësem Bestiednes sinn 3 Kanner ervir gaangen, d'Cesira, den Guiseppe an d'Anna-Lydia. Zesummen hu si hirer Mamm 8 Enkelkanner a 4 Urenkel geschenkt.

Mat dem Wonsch nach vill Joren an der Mëtt vun hirer Famill ze verbréngen, ass dës kleng Gebuertsdagsfeier bei engem gudde Glas Crémant ausgeklongen.

Text & Foto: Marie-Louise Haas



# Trëppeltour vum Theaterveräin

Den Theaterveräin Fëschbech, Schous, Angelsbierg asbl huet dëst Joër säin traditionellen Trëppeltour op Iechternach gemeet.

Hei huet eise Member, de Claude Flick, deen a senger Fraizäit och Touristeguide as, d'Iechternach City Promenade mat eis gemeet. Vill Detailer iwwert Stadtmauer an d'Geschicht vun Iechternach krute mir erzielt.
Den Ofschloss vum Tour wor nach e gudde Maufel beim Giorgio.

Text: Luss Brosius & Fotoen: Theaterveräin







KlimaPakt

# National

Um Nationalfeierdag si folgend Leit aus eiser Gemeng vum Buergermeeschter Fränk Daems geéiert ginn:

Pompjeeën: Luss Brosius, 15 Joer / Pol Daems, 25 Joer / Paul Brosius a René Jacobsen, 30 Joer / 4 Jugendpompjeeën hu Bronze kritt am Wëssenstest.

Enseignement: Mireille Garson a Jacqui Wagener, 20 Joer Angsber Schoul / Edmond Haas als laangjähregen President vum Schoulcomité.

5 Sportler: Patrick Dennessen, fir säin Exploit „Biketrip to Rome" / Luca Elsen a Noé Tibold, Dëschtennis / Ramon Hamm, Billard / Georges Frieden, Handball.

Fotoen: Roger Kolber







# lfeierdag











# Concert mat Flute an Uergel

Den 1. Juli 2018 hat d'Kultur- a Veräinskommissioun vun der Gemeng op e Concert mat Flute an Uergel invitéiert.

Bei wonnerschéinem Summerwieder huet sech zwar just e ganz kléngen Deel Leit an der Fëschbecher Kierch afonnt fir nozelauschteren, duerfir awer e ganz interesséierte Publikum.

D'Christiane Dennemeyer an de Roger Goodwyn woussten hir Nolauschterer mat engem ganz flotte Programm ze begeeschteren. De Programm huet ënner anerem klassesch Wierker vum Vivaldi ëmfaasst, mee souwuel d'Museker wéi och de Programm hunn virun allem am 2. Deel vum Concert mat méi moderne Wierker vum Claude Bolling (Irlandaise an Sentimentale) an engem wonnerbare Concerto fir Flute vun der Komponistin Cécile Chaminade d'Nolauschterer begeeschtert.

De klénge Publikum ass zum Schluss vun den zwee Museker mat dem Stéck „Sous le ciel de Paris" belount ginn, ganz flott akustesch ze genéissen iwwert de Wee vun der Flute an der Uergel.

Text & Fotoen: Lis Weber











KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

# Härläichenprëssessioun
## zu Meesebuerg

Die hl. Juliana von Lüttich gilt als Wegbereiterin und zusammen mit Eva von Lüttich als Stifterin des Fronleichnamsfestes.
Das Fest wurde auf ihr Betreiben hin – sie hatte seit 1209 Visionen – 1246 in der Diözese Lüttich eingeführt, 1264 unter Papst Urban IV. für die gesamte Kirche. Die hl. Juliana wird deshalb oft mit der Fronleichnamsmonstranz in der Hand dargestellt. Das Offizium des Festtagers soll vom hl. Thomas von Aquin stammen.

Quellennachweis: Schauber / Schindler & Fotoen:Tania Brosius










KlimaPakt

## COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 26 avril 2018

**Présents:** Daems Fränk, bourgmestre; Grotz Patrick, Brosius Lucien, échevins

Bettendorf Sven, Brosius Paul, Moura Daniel, Olinger Kevin, Schiltz Laurent, Trausch Claude, conseillers

**1)** Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des titres de recettes émis et présentés par le collège des bourgmestre et échevins portant sur un montant 615.278,33 €.

**2)** Sur proposition du collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal approuve à l'unanimité des voix les nouveaux crédits suivants :

A) 5.000 € à inscrire à l'article « Administration générale –petit équipement et mobilier » ;

B) 5.000 € à inscrire à l'article « Administration générale – publicité, avis de presse, annonces » ;

C) 5.000 € à inscrire à l'article « Administration générale – acquisition licences informatiques » ;

D) 1.000 € à inscrire à l'article « Jeunesse – Charges : eau, poubelle » ;

E) 2.000 € à inscrire à l'article « Sylviculture – fournitures d'entretien véhicule » ;

F) 3.000 € à inscrire à l'article « Sylviculture – services d'entretien et de réparation véhicule » ;

G) 1.000 € à inscrire à l'article « Sylviculture – assurances » ;

H) 10.000 € à inscrire à l'article « Atelier - services d'entretien et de réparation véhicules » ;

I) 3.000 € à inscrire à l'article « Atelier – fournitures d'entretien véhicules ».

Sur proposition du collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal approuve à l'unanimité des voix le crédit supplémentaire suivant :

J) 25.000 € à inscrire à l'article « Atelier - services d'entretien et de réparation ».

**3)** Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix le contrat de bail signé en date du 28 février 2018 entre le collège des bourgmestre et échevins et la société powderlounge s.à.rl. ayant pour objet la location du hall d'entrée et d'une salle au sous-sol de la mairie au loyer mensuel de 300€.

**4)** Étant donné que la loi du 13 février 2018 sur la gestion des édifices religieux et autres bien relevant du culte catholique entre en vigueur en date du 1er mai 2018, une décision concernant le dégrèvement d'un édifice religieux ne peut être prise qu'après cette date. De ce qui précède il est décidé de reporter le point de l'ordre du jour relatif au dégrèvement de la chapelle à Weyer à la séance prochaine.

**5)** Entendu la propose de Monsieur le bourgmestre de mettre à disposition de Monsieur Patrick Grotz, une des heures de congé politique qui lui ont été attribuées, le conseil communal décide à l'unanimité des voix de procéder à une réattribution du congé politique supplémentaire comme suit :

- 3 heures par semaine à Monsieur Fränk Daems,
- 2 heures par semaine à Monsieur Brosius Lucien,
- 2 heures par semaine à Monsieur Bettendorf Sven,
- 2 heures par semaine à Monsieur Patrick Grotz.

**6)** Considérant que seulement la zone de protection du captage Glabach s'étend partiellement sur le territoire de la commune de Fischbach, section Angelsberg et qu'avant l'enquête publique une réunion d'information a eu lieu en date du 15 mars 2018 à Nommern et qu'aucune objection n'a été présentée, le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'émettre un avis favorable à l'encontre de l'avant-projet de règlement grand-ducal

portant création de zones de protection autours des captages d'eau souterraine Ouschterbour et Am Deich exploités par l'Administration communale de Larochette, des captages Brouchbour 1, 2 et 3, Aechelbour, Schwaarzegronn et Glabach exploités par l'Adminisration communale de Nommern, et des captages Bunten, Kengert BR1, Kengert BR2 et Kengert BR6 exploités par l'Administration communale de la Vallée de l'Ernz.

**7)** Le conseil communal décide de convertir le poste de rédacteur créé par délibération du 16 juin 2005 de 50% à 100% avec effet au 1er février 2018.

**8)** A huis clos : affaires du personnel

*****

## COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 13 juin 2018

**Présents:** Daems Fränk, bourgmestre; Grotz Patrick, Brosius Lucien, échevins

Bettendorf Sven, Brosius Paul, Moura Daniel, Olinger Kevin, Schiltz Laurent, conseillers

**Excusé:** Trausch Claude, conseiller

**1)** Vu l'état des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2017, le conseil communal décide d'admettre à 7 voix contre 1:

| | |
|---|---|
| En reprises provisoires: | 65 066,40 € |
| En décharge: | 71,80 € |
| Irrécouvrables: | 125,32 € |
| TOTAL: | 64 869,28 € |

et accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à l'état en question avec la mention « à poursuivre ».

**2)** Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix les titres de recettes émis et présentés par le collège des bourgmestre et échevins :

- Exercice 2017 : 14.939,84€ ;
- Exercice 2018 : 838.330,00€.

**3)** En considérant que la commune est propriétaire de la chapelle de et à Weyer, inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section C de Weyer sous le n° 8/394, le conseil communal constate que cette chapelle héberge une exposition de croix et ne sert plus pour l'exercice du culte catholique et se prononce à l'unanimité des voix en faveur de son dégrèvement.

**4)** Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix le projet et les plans d'exécution du plan d'aménagement particulier « rue du Berger » à Fischbach, ainsi que la convention signée en date du 6 juin 2018 entre le collège des bourgmestre et échevins et les initiateurs du projet (la société Kikuoka Luxembourg S.A.), réglant la réalisation des travaux de voirie et d'équipements publics nécessaires à la viabilité du plan d'aménagement particulier, leur financement par les intéressés, ainsi que la cession des fonds réservés à la voirie et aux équipements publics, la cession gratuite des équipements publics à la commune après leur achèvement selon les règles de l'art et la réception définitive des travaux de même que le paiement d'une indemnité compensatoire pour environ 5,02% de la surface brut du lotissement.

**5)** Suite au devis présenté par le service technique communal relatif au réaménagement des installations sanitaires et de l'isolation thermique d'une partie de l'école à Angelsberg s'élevant à 170.940,17 € hors TVA, il est constaté que le bloc sanitaire existant a été conçu pour des enfants du cycle 1.0 et que ces classes ont déménagé vers un autre bâtiment et qu'il importe donc de réaménager les installations sanitaires pour les élèves des cycles 2 à 4. Il est aussi constaté qu'il importe de renouveler l'isolation du toit d'une partie du bâtiment.

Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix ce devis et décide un nouveau crédit de 200.000.-€ à

inscrire à l'article « 4/910/221311/18011 – Enseignement – Réaménagement des installations sanitaires et isolation thermique d'une partie de l'école » du budget extraordinaire de l'exercice 2018.

**6)** Vu le devis présenté par le service technique communal relatif à l'aménagement d'un terrain multisports à Angelsberg s'élevant à 128.205,13 € hors TVA, le conseil communal est de l'avis qu'il est important que la commune dispose d'un terrain de défoulement accessible aux habitants de toutes les catégories d'âge et que ce terrain pourra être utilisé pour pratiquer le football, basketball, volleyball et handball et même le tennis. Après avoir délibéré conformément à la loi, le conseil approuve à 7 voix contre 1 le devis précité.

**7)** A huis clos : Décision concernant une admission scolaire retardée.

**8)** A- Proposition de réaffectation de personnel enseignant : C1 1p 50%.

Le conseil communal rejette à l'unanimité de voix la réaffectation du seul candidat recevable au poste vacant d'instituteur C1 1p 50% de l'enseignement fondamental de la commune de Fischbach à partir de l'année scolaire 2018/2019.

B- Proposition de réaffectation de personnel enseignant : C2-4 1p 100%.

Vu le relevé des candidatures recevables pour le poste vacant d'institutrice ou d'instituteur auprès de la commune de Fischbach, publié sous le libellé « C2-4 1p 100% » et dressé par la directrice E.F., le conseil communal propose à l'unanimité des voix de réaffecter Madame Simone ACKERMANN de Fischbach au poste vacant d'instituteur à partir de l'année scolaire 2018/2019.

**9)** Vu sa candidature au mandat de membre du conseil d'administration du CGDIS, le conseil communal nomme, par scrutin secret, Monsieur Lucien BROSIUS, échevin domicilié à Schoos, candidat à la fonction d'administrateur du CGDIS.

**10)** Etant d'avis qu'il importe de récompenser les habitants de la commune pour des exploits exceptionnels, le conseil communal décide à l'unanimité de récompenser les exploits sportifs et autres exploits exceptionnels avec un bon d'une valeur de 150.-€ et d'honorer Monsieur Patrick Denessen de Schoos pour son initiative « Way to Rome » avec un don de 300.-€ à l'association « Don de moelle » et à l'association « Make a wish ».

*****

## COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 11 juillet 2018

**Présents:** Daems Fränk, bourgmestre; Grotz Patrick, Brosius Lucien, échevins

Bettendorf Sven, Brosius Paul, Olinger Kevin, Schiltz Laurent, Trausch Claude, conseillers

Excusé: Moura Daniel, conseiller

**1)** Sur invitation du collège des bourgmestre et échevins Madame Sarah Kolber, présidente du comité d'école, présente l'organisation scolaire 2018/2019. Suite au rapport du comité d'école et à l'avis positif de la commission scolaire tenue en présence de la directrice régionale, Madame Theisen, le conseil communal arrête provisoirement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2018/2019.

**2)** Vu l'avis favorable des représentants des parents d'élèves et de la directrice régionale de l'enseignement fondamental le conseil communal approuve le « Plan de Développement Scolaire 2018/2019 » tel que présenté par l'équipe pédagogique.

**3)** Suite à l'avis favorable de la commission scolaire, le conseil communal approuve le plan d'encadrement périscolaire 2018/2019 établi par l'équipe pédagogique, qui règle la collaboration entre l'école fondamentale dite « Angsber Schoul » et la Maison Relais dite « Bei de Kueben ».

**4)** Le conseil communal approuve des titres de recettes émis et présentés par le collège des bourgmestre et échevins s'élevant au montant total de 33.296,07€.

**5)** Le conseil communal décide de reconduire pour l'année 2019 le même taux de l'impôt commercial, à savoir 300%.

**6)** Le conseil communal décide de reconduire pour l'année 2019 les mêmes taux de l'impôt foncier, à savoir :

| | |
|---|---|
| **A:** Exploitations agricoles et forestières | 320 % |
| **B1:** Constructions industrielles et commerciales | 480 % |
| **B2:** Constructions à usage mixte | 450 % |
| **B3:** Constructions à autres usages | 450 % |
| **B4:** Maisons unifamiliales, maisons de rapport | 165 % |
| **B5:** Immeubles non-bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 % |
| **B6:** Terrains à bâtir à des fins d'habitation | 600 % |

**7)** Le conseil communal confirme le règlement temporaire émis par le collège des bourgmestre et échevins concernant le barrage complet de la rue “Haaptstrooss” à Schoos à partir du 16 juillet 2018 jusqu'à fin des travaux, dans le cadre des travaux de renouvellement de la couche de roulement, effectués par l'Administration des Pont & Chaussées.

8) **Affaires du personnel : à huis clos**

*****

SMS2CITIZEN

Grâce au service sms2citizen, le citoyen est tenu au courant des évènements, qui le concernent tels que les infos urgentes, les interruptions des services communaux et autres informations générales.

La transmission d'un message via un sms est simple, courte et rapide.

Dorénavant, la commune offre ce service gratuitement à ses citoyens.

Inscription en ligne sur www.acfischbach.lu ou au guichet du Bureau de la population.

# Summerfest am Kuebenascht

Den 30. 06. 2018 war et erëm souwäit, d'Crèche am Kuebenascht huet d' Elteren a Gemengenaarbechter op hiert traditionellt Summerfest invitéiert. Dëst Joer gouf et nach en extra Grond ze feieren: D' Crèche huet hiren 10. Gebuertsdag zelebréiert.

Um 11.30 waren Diren op. Et gouf gegrillt an eppes ze Drénken, an och vir en gudden Dessert gouf gesuergt. De Kuch gouf vum Buergermeeschter ugeschnidden an vun der Responsabel vun der Crèche, Claudine Scholtes, verdeelt.

De Schwammbaseng gouf opgeriicht an d' Kanner ware méi wei bänzeg vir sech ofzekille bei dem waarme Wieder.

D' Stëmmung war gutt, an dat ganzt Team vum Kuebenascht seet jidderengem villmools Merci vir de Besuch a wënscht jidderengem eng schéi Summervakanz.

Text: Annick Van der Schilden & Fotoen: Ralph Hermes




vu lénks no riets: Sally, Tammy, Myriam, Claudine, Micha, Annick, Dany, Christiane, Manon.






KlimaPakt

# Faire Picknick

Sonndes, de 17. Juni 2018, huet den 2. faire Pick-Nick zu Fëschbech am Bësch, beim Pavillon, stattfonnt.

Em di 35 Leit sinn do zesummekomm an all Famill hat e Plat dobäi, an deem mindestens ee faire Produit verschafft war.

Um Menü waren z. B. Bouletten, indesch Räiszalot, Lënsenzalot, salzeg a séiss Muffins, Quinoazalot, eng Zalot mat Kicherierbëssen, Couscous, Ananaskuch, Schoklaskuch, verschidde Schnittercher mat selwer gebaaktem Brout, Banannekuch, Kichelcher, ...

Sou konnte mir vu Villem probéieren an et huet richteg gutt geschmaacht!

Dat schéint Wieder war och um Rendezvous an d'Leit konnten e gemittleche Moment zesumme verbréngen.

Save the date: ***Faire Kaffi***, Sonndes, ***den 11. November 2018*** !!

De Fairtrade Grupp vun der Gemeng Fëschbech







# Aktivitéitskalenner September 2018-August 2019

| September 2018 | Aktivitéit | Organisator |
|---|---|---|
| 02.09.2018 | Floumaart-Schous | Senioreveräin |
| 16.09.2018 | Randonnée VTT/Birkelt-Fiels | VC Filano |
| **Oktober 2018** | | |
| 04.10.2018 | Pappendagsfeier-Schous | Senioreveräin |
| 07.10.2018 | Journée du Grand Age-Schous | Senioreveräin |
| 16.10.2018 | Generalversammlung | Elterevereenegung |
| 20.10.2018 | Journée Commémorative | Kathoulesch Kierch-Gemeng |
| **November 2018** | | |
| 10.11.2018 | Nat. Dag vum Bam-Angelsbierg | CTF-Ëmweltkommissioun |
| 10.11.2018 | Planzaktioun | Naturpark Mëllerdall |
| 11.11.2018 | Fairtradekaffi-Schous | Fairtradegrupp |
| 18.11.2018 | Kiermeshaam-Schous | Pompjeeën |
| 25.11.2018 | Schluechtfest-Schous | CTF |
| **Dezember 2018** | | |
| 05.12.2018 | Kleeschen-Angsber Schoul | Gemeng Fëschbech |
| 05.12.2018 | Kleeschen an der Gemeng | Club des Jeunes |
| **Januar 2019** | | |
| 06.01.2019 | Kaffiskränzchen-Schous | Senioreveräin |
| 12.01.2019 | Generalversammlung-Schous | Pompjeeën |
| 19.01.2019 | Theaterowend-Schous | Theaterveräin |
| 20.01.2019 | Theatermëtten-Schous | Theaterveräin |
| 25.01.2019 | Theaterowend-Schous | Theaterveräin |
| 26.01.2019 | Theaterowend-Schous | Theaterveräin |
| **Februar 2019** | | |
| 02.02.2019 | Liichtmëssdag | Schoulkanner |
| 10.02.2019 | Choucroute-Garnie | Spuerveräin |
| 15.02.2019 | Hierkeniessen-Schous | Senioreveräin |
| 24.02.2019 | Kannerfuesbal-Schous | Pompjeeën |
| 28.02.2019 | Heeschen Fettendonneschden | Schoulkanner |

| März 2019 | Aktivitéit | Organisator |
|---|---|---|
| 01.03.2019 | Hexebal-Schous | Club des Jeunes |
| 03.03.2019 | Mam Bus op Cavalcade | Club des Jeunes |
| 09.03.2019 | Buergbrennen-Fëschbech | Amicale Maarkollef |
| 10.03.2019 | Buergbrennen-Angelsbierg | Club des Jeunes |
| 10.03.2019 | Buergbrennen-Schous | Wiichtelcher |
| 15.03.2019 | Generalversammlung CTF | CTF |
| 17.03.2019 | Albinusfeier-Fëschbech | Kathoulesch Kierch |
| 17.03.2019 | Feierläschapéro-Schous | Pompjeeën |
| 17.03.2019 | Generalversammlung-Schous | Senioreveräin |
| 30.03.2019 | Grouss Botz-Gemeng | Ëmweltkommissioun |
| **Abréll 2019** | | |
| 07.04.2019 | Fréijorsbazar-Schous | ACFL |
| 18-20.04.2019 | Klibberkanner ënnerwee | Kathoulesch Kierch |
| **Mee 2019** | | |
| 01.05.2019 | Eischt Meefeier | Wiichtelcher |
| 12.05.2019 | Spargeliessen | Senioreveräin |
| 18.05.2019 | Eischt Kommioun | Kathoulesch Kierch |
| **Juni 2019** | | |
| 11.06.2019 | Bus op d'Sprangprëssessioun | Kultur-a Veräinskommissioun |
| 22.06.2019 | Virowend Nationalfeierdag | Gemeng |
| 23.06.2019 | Härleicheprëssessioun | Chorale a Kathoulesch Kierch |
| **Juli 2019** | | |
| 02.07.2019 | Mammendagsfeier | Senioreveräin |
| 04.07.2019 | Grillparty | Senioreveräin |
| 12.07.2019 | Schoulfest zu Schous | Elterevereenegung a Schoul |
| 21.07.2019 | Parfest zu Schous | Chorale |
| **August 2019** | | |
| 15.08.2019 | Wësch zu Schous | ACFL & Kathoulesch Kierch |

All leschte Freideg am Mount as de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.
Organisator: Amicale Maarkollef & Wiichtelcher vu Schous

# FISCHBACH WELCOMES CHARGY !




Les bornes Chargy viennent de faire leur apparition sur le territoire de votre commune – les portes de l'électromobilité s'ouvrent donc grandes à vous. En 2020, le réseau Chargy comptera 800 bornes publiques, soit 1.600 points de charge, pour les voitures électriques et les voitures plug-in hybrides au Luxembourg.

*Seit kurzem halten die Chargy-Ladestationen Einzug in Ihrer Gemeinde - somit ist Tür und Tor zur Elektromobilität für Sie geöffnet. Bis 2020, sieht das Chargy-Netz 800 öffentliche Ladestationen, sprich 1.600 Aufladeplätze, für Elektro- und Plug-in-Hybrid-Fahrzeuge in Luxemburg vor.*

## Vous voulez devenir client et profiter du réseau Chargy ?

Rien de plus simple : Pour pouvoir recharger votre voiture électrique ou plug-in hybride sur les bornes Chargy, vous devez souscrire un contrat avec un fournisseur de service de charge au Luxembourg.

L'accès aux bornes Chargy se fait simplement via la **mKaart du Verkéiersverbond** qui vous sera remise par votre fournisseur de service de charge. Si vous êtes déjà en possession d'une mKaart, votre fournisseur de service de charge vous rajoutera le produit Chargy directement sur celle-ci.

## *Sie möchten Kunde werden und die Vorteile des Chargy-Netzes nutzen?*

*Nichts einfacher als das! Um Ihr Elektro- oder Plug-in-Hybrid-Fahrzeug an den Chargy-Stationen laden zu können, müssen Sie einen Vertrag mit einem Service-Anbieter in Luxemburg abschließen.*

*Der Zugang zu den Chargy-Stationen erfolgt einfach über die **mKaart des Verkéiersverbond** die Ihnen Ihr Service-Anbieter zur Verfügung stellt. Falls Sie bereits eine mKaart besitzen, wird Ihr Anbieter das Produkt Chargy direkt auf Ihrer mKaart aktivieren.*

**Liste des fournisseurs de service de charge au Luxembourg**

***Liste der Service-Anbieter in Luxembourg:***

Edissertio ⚡ BLUEenergy.lu ⚡ Blue Corner ⚡ Eida S.A. ⚡ Electris ⚡ Enovos Luxembourg S.A. ⚡ PlugSurfing GmbH ⚡ Pluxx Holding S.A. ⚡ Sudstroum ⚡ NewMotion ⚡ Route220 ⚡ Wirelane GmbH ⚡ Electromaps

## Profitez de la plateforme MyChargy

Votre contrat vous donnera aussi accès à la plateforme MyChargy qui propose les fonctionnalités suivantes :

- **carte interactive** du réseau avec toutes les bornes indiquant leur statut (libre, occupé, hors service) ;
- **réservation en ligne** d'une borne de charge (max. 2 réservations simultanées) ;
- **calcul du trajet** et navigation vers la borne de votre choix ;
- **notification** lorsque la charge de votre véhicule est terminée ;
- **consultation** de votre consommation électrique ;
- **téléchargement** de toutes les informations nécessaires pour la gestion.

## *Nutzen Sie die MyChargy Plattform*

*Mit Abschluss Ihres Vertrages erhalten Sie Zugriff auf die MyChargy Plattform mit folgenden Funktionalitäten:*

- ***Interaktive Netzkarte** mit allen Ladestationen und ihrem jeweiligen Status (frei, besetzt, außer Betrieb);*
- ***Online-Reservierung** einer Ladestation (höchstens 2 Reservierungen gleichzeitig);*
- ***Wegberechnung** und Navigation zur Ladestation Ihrer Wahl;*
- ***Benachrichtigung** wenn der Ladevorgang Ihres Fahrzeugs beendet ist;*
- ***Anzeige** Ihres Energieverbrauchs;*
- ***Download** sämtlicher Informationen, die für die Verwaltung benötigt werden.*

# Comment ça marche pour recharger votre véhicule ?

## *Wie lade ich mein Auto auf?*






**1**

Placez votre **mKaart** contre l'icône de chargement.

*Halten Sie Ihre **mKaart** gegen das Ladesymbol.*




**2**

Sélectionnez votre connecteur (prise 1 ou prise 2) en appuyant sur le bouton à côté de l'écran.

*Wählen Sie Ihren Anschluss (Stecker 1 oder Stecker 2) aus, indem Sie die Taste neben dem Bildschirm drücken.*



**3**

Branchez le câble dans la prise sélectionnée.

*Stecken sie das Kabel in den ausgewählten Stecker.*



**4**

Votre voiture est maintenant connectée et le chargement démarre automatiquement.

*Ihr Auto ist jetzt verbunden und der Ladevorgang startet automatisch.*



**5**

Le chargement est en cours, un témoin lumineux vert s'allume.

*Der Ladevorgang ist im Gange, eine grüne Kontrollleuchte geht an.*



**6**

Vous pouvez à tout moment interrompre le chargement de votre véhicule en appuyant sur « Fin de charge ».

*Sie können den Ladevorgang jederzeit beenden indem Sie auf „Ladevorgang beenden" drücken.*

PacteClimat
European Energy Award

© Verkéiersverbond - Christof Weber / Creos Luxembourg S.A.

Pour plus d'informations, consultez notre site **www.chargy.lu** ou notre page **Facebook**.
*Für weitere Informationen, besuchen Sie unsere Internet Seite **www.chargy.lu** oder unsere Seite auf **Facebook**.*

# First Responder

Anfang Mai hatte die Feuerwehr der Gemeinde Fischbach ihre Mitglieder, sowie die Gemeindevertreter, zu einer kleinen Feierstunde eingeladen.

Seit September 2017 funktioniert der Firstesponder-Dienst mit 8 Freiwilligen in unserer Gemeinde. Der "First Responder", auch Ersthelfer oder Sanitäter vor Ort genannt, ist eine Ergänzung der Rettungskette in der Ersten Hilfe. Die Einsatzleitzentrale 112 entscheidet nach Erhalt eines Notrufs, ob der "First Responder" aktiviert wird oder nicht. Typische Notfälle sind Bewusstlosigkeit, Herzinfarkt, Atembeschwerden, starke Blutungen und Autounfälle. Der "First Responder" soll die Zeit zwischen dem Eintreten des Notfalls und dem Eintreffen des regulären Rettungsdienstes (Rettungswagen/Notarzt) mit den richtigen qualifizierten Handgriffen überbrücken. Die Mitglieder der lokalen Feuerwehr, die diesen zusätzlichen Dienst leisten, haben alle eine Ausbildung im Rettungsdienst absolviert und sind mit einem Notfallrucksack sowie Defibrillator ausgestattet.

Der Feuerwehrverein hat, um die Ersthelfer gut zu erkennen, neue Jacken gesponsort. Gleichzeitig wurden auch neue Allwetterjacken für die aktiven Mitglieder angeschafft. Nach den offiziellen Ansprachen, in welchen der Freiwilligendienst gelobt wurde, hat Bürgemeister Fränk Daems alle Anwesenden auf einen Ehrenwein eingeladen.

Text: CIS Fëschbech & Foto: Luss Brosius







KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

# D'Jugendpompjeeën si lass!

Eis Jugendsektioun vum CIS Fëschbech war dëst Joer schonns ganz aktiv. Niewent deene sëllechen Übungen, déi Samschdes moies ofgehale ginn, ware si de 14. Abréll an den Héichseelgaart ob Stengefort kloteren (op Säite 10 nozekucken).

De 16 Juni hunn si zu Stadbriedemes mat 2 Ekippen um Rallye Natur Pur deelgeholl, wou si esouguer mat enger Ekipp ob déi drëtte Plaz komm sinn. Als Ofschloss war elo nach de Jugendcamp vum 15-24 Juli zu Beefort wou niewent Lagerfeierstëmmung an am Zelt schlofen, och Kayakfueren ob der Sauer, Beeforterschlass, Héichseelgaart zu Veianen an e Rallye um Programm stoungen.

Wann's du tëschent 8 a 15 Joer hues an interesséiert bass bei de Pompjeeë matzemaachen da mell dech bei eiser Jugendleederin Lis Karier (pompiers.fischbach@pt.lu).

Text a Fotoen: Luss Brosius











KlimaPakt

# Éischt Kommioun



Den 28. Abrëll 2018 hu folgend Kanner hir Eischt Kommioun zu Fëschbech an der Kierch gemach:

**Dieterlen Mathis vu Schous, Hansen Nora vu Fëschbech**

**Hadrup Oskar vun Angelsbierg, Heinen Titouan vu Schous**

**Ramos Lizardo James vu Fëschbech, Rodesch Maxime vun Angelsbierg**